N°3918
Entrée le 15.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 3918 vum 14. Abrëll 2026 vum Deputéierten Tom Weidig.**

Wéi schonn am Communiqué vum Etat-Major vum 10. Abrëll 2026 matgedeelt, huet d'Arméi ee neien *Enterprise Resource Planning* (ERP)-System agefouert an domat deen ale *Gestion Intégrée de l'Armée Luxembourgeoise* (GIAL)-System duerch eng nei *Systems, Applications and Products* (SAP)-Suite ersat.

Dës Migratioun huet am Mount Mäerz stattfonnt a wärend där Period ass een initialen, automatiséierten Datenofgläich tëscht der neier SAP-Léisung mat dem Interface vum ***Registre national des personnes physiques*** (RNPP) gemaach ginn. D'Zil dovu war, fir d'Kohärenz vun den Donnéeën, déi d'Arméi schonn an hirer GIAL-Léisung hat, automatiséiert z'iwwerpréiwen an domat sécherzestellen, datt och déi nei Léisung op korrekten Donnéeën opbaut.

No der Migratioun ginn allerdéngs nëmmen nach Donnéeë vun den aktive Membere vun der Arméi automatesch geupdate.

Eng punktuell a net-automatiséiert Aktualisatioun vun den Donnéeë vu fréiere Memberen vun der Arméi bleift méiglech, gëtt awer op déi néideg Fäll limitéiert (zum Beispill fir d'Ausstellung vu Certificaten oder d'Beaarbechte vun administrativen Demanden)[1].

Deen hei uewe beschriwwenen Traitement vu perséinlechen Donnéeë baséiert um Artikel 6 vum europäesche Reglement (EU) 2016/679 (RGPD), an zwar mei präzis nach op:

- der Ausféierung vun enger Aufgab am ëffentlechen Interessi;
- der Erfëllung vu gesetzleche Flichte, deenen d'Arméi ënnerläit.

Dësen Traitement ass néideg fir d'Ausübe vun de gesetzleche Missioune vun der Arméi a weist dofir keen diskretionnäre Charakter op.

Doriwwer eraus ass den Traitement duerch eng Rei vu Garantien encadréiert ginn, déi dem RGPD entspriechen:

- nëmmen déi Donnéeën, déi fir d'administrativ Kontinuitéit an d'Gestioun vun de gesetzleche Flichten onbedéngt néideg sinn, goufen traitéiert;
- d'Finalitéite vum Traitement si präzis definéiert, den Zougang ass op autoriséiert Persoune limitéiert;
- nëmme pertinent Donnéeë goufen iwwerholl, op Basis vun objektiven administrative Krittären;
- De Flux vun den Donnéeë, souwuel bei der Reprise wéi och duerno si noverfollegbar a ginn dokumentéiert.

Déi konkret Äntwerten op dem honorablen Deputéierte seng Froe fannt Dir heidrënner.

[1] Certificat deen d'Recht op Prioritéit bei der Astellung an enger anerer Administratioun attestéiert ; Iwwersiicht vun den Auszeechnungen fir d'Attributioun vun enger Medail nom Austrëtt aus der Arméi; Certificat fir d'Pensiounsrechter geltend ze maachen; Karriärs- a Missiounshistoriken fir militäresch Éieren am Doudesfall ze kréien.

***Fro 1:***

***Wéi vill Persounen (jeeweils aktiv a fréier Arméismemberen) waren insgesamt vun dëser Dateveraarbechtung betraff?***

Insgesamt handelt et sech ëm 7.446 Dossieren, déi automatesch bei der Migratioun ofgeglach goufen, dovu sinn der 5.996 vu fréiere Memberen an 1.450 Dossierë vun aktive Memberen.

***Fro 2:***

***No wéi enge Kriterie gouf festgeluecht, wéi eng Persoune beim Datenimport berücksichtegt goufen, besonnesch wat fréier Arméismembere betrëfft?***

D'Auswiel vun de betraffene Persoune baséiert ausschliisslech op objektiven an am Viraus definéierten administrative Krittären, nämlech:

- d'Existenz vun engem administrativen Dossier, sief en aktiv oder archivéiert;
- d'Weiderbestoe vu gesetzlechen, administrativen oder protokollaresche Flichten (z.B. Pensiounen, sozial Rechter, Verdeelung vu Medailen, Organisatioun vu militäreschen Zeremonien am Fall vum Doud vu fréieren Zaldot·inn·en, etc. ).

Et gouf kee pauschalen/onselektiven Traitement duerchgefouert; et sinn nëmmen déi Donnéeën iwwerholl ginn, déi am Hibléck op d'Finalitéite vum Traitement pertinent sinn.

***Fro 3:***

***Wéi laang ass d'Konservéierungsdauer vun dësen Daten a wien decidéiert iwwer dës Dauer?***

D'Konservéierungsdauer vun den Donnéeë si bestëmmt duerch:

- déi gëlteg gesetzlech Flichten, besonnesch am Beräich vun de Pensiounen an de soziale Rechter;
- déi national Reegele betreffend d'ëffentlech Archiver;
- déi spezifesch Archivéierungsreegelen, déi fir d'Arméi gëllen;
- déi generell Fuerderunge vun der juristescher Sécherheet.

Dës Dauere goufen vun den zoustännegen Autoritéiten definéiert a validéiert, a Concertatioun mat de Responsabele vum Traitement an ënnert der Opsiicht vum Dateschutzbeoptraagten.

D'Arméi hält Donnéeën iwwer ënnerschiddlech Dauere jee no Fall, vu just e puer Wochen (z.B. Dossier vun engem·r Kandidat·in fir Zaldot·in, deen oder déi net ausgewielt gouf, deen um Enn vum Selektiounsprozess zerstéiert gëtt) bis zu 75 Joer (z.B. medezineschen Dossier – wéinst de laangfristege gesondheetlechen Effekter, déi mat de spezifesche Konditioune vu militäresche Missiounen zesummenhänken, wéi z.B. posttraumatesche Stress). Tëscht dësen Zäitspanne ginn et ganz ënnerschiddlech Delaien, wéi z.B 10 Joer fir de Personalregëster. Dës Delaien ënnerscheede sech net grondsätzlech vun deene vun anere Verwaltungen.

***Fro 4:***

***Aus wéi enge konkrete gesetzlechen oder administrativen Ursaache ginn Date vu fréieren Arméismemberen iwwer esou vill Joren oder Joerzéngte konservéiert?***

Déi verlängert Konservéierung vun den Donnéeë vu fréiere Membere vun der Arméi entsprécht verschiddene legitimme Noutwendegkeeten:

- d’Respektéiere vu gesetzleche, administrativen a protokollaresche Flichten, wéi ënnert der Fro 1 präziséiert;
- d’archivistesch an historesch Ufuerderungen, déi d’Noverfollegbarkeet vun de Karriäre garantéieren an d’Wouerhuele vun der Erënnerungsflicht erméiglechen;
- d’juristesch Sécherheet, déi et erméiglecht, op Demanden oder Iwwerpréiwungen ze reagéieren, déi e puer Joer, souguer Joerzéngten, nom Enn vum Déngscht kënnen optrieden.

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2026.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes